



**Äntwert vum Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro
n°15 vum 10. November vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

- 1) Mengen Informatiounen no sinn ëmmer méi NATO Länner drun intresséiert op mannst als Observerateuren op d'Meetings of State Parties vum TPNW ze goen. Wäert Lëtzebuerg och ee Verrieder op déi nächst Meetinge schécken?**

Nee, Lëtzebuerg wäert net als Observateur bei den nächsten Meetinge vum Atomwaffeverbuetsvertrag (TPNW) deelhuefen.

- 2) Huet Lëtzebuerg an der Vergaangeneet Vetrieder op dës Meetinge geschéckt? Wa jo, wat war de Fazit vum leschte Meeting un deem mir Deel geholl hunn?**

Nee, Lëtzebuerg huet bis elo kee Verrieder op dës Meetinge vum TPNW geschéckt.

- 3) Am August war déi éischt Conference of the Parties to the Treaty on the Non-Proliferation of Nuclear Weapons (NPT), déi soll déi grousse Konferenz vun 2026 preparéieren. Laut Speaking List huet sech Lëtzebuerg hei net zu Wuert gemellt.**

- **War Lëtzebuerg bei dësem Treffen dobäi?**
- **Wa nee, firwat net?**
- **Wäert Lëtzebuerg beim nächsten Treffen dobäi sinn?**

Lëtzebuerg huet am August 2023 um *Preparatory Committee for the 2026 Review Conference of the Parties to the Treaty on the Non-Proliferation of Nuclear Weapons (NPT)* deelgeholl, sou wéi och um *Working group on further strengthening the review process of the Treaty on the Non-Proliferation of Nuclear Weapons*, den 8. Juli stattfonnt huet. An dësem Kontext, huet Lëtzebuerg un EU Koordinatiounsmeetinge deelgeholl, an sech och op den Statement vun der EU alignéiert.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2023

De Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel